

Journée du Personnel de Caritas Accueil et Solidarité asbl
Opmierksam a konkret – politesch sinn!
Lëtzebuerg, den 12. November 2010

Wann ee probéiert sech d'Welt vun haut virzestellen, da kréie mer dat dëst Joer einfach gemaach, wa mer dohinner gi wou d'Welt sech am Moment selwer ausstellt : zu Shanghai. All Land huet sech d'Méi ginn, sech esou ze exposéieren, datt et typescherweis erkannt an erëmerkannt ka ginn an dat no vir kéiert, wat soll gesi ginn. De Lëtzebuurger Pavillon vun den Artisten-Architekten Hermann a Valentiny as bekannt a symboliséiert wuel eis Gréisst an der Klengheet an eis Offenheet an der Geschlossenheet. Eckeg a kanteg stelle mer eis Festung duer an empfänken d'Leit vu bausse mat onser Fräiheitsstatue, enger gëllener versteet sech. Duerch de Lëtzebuurger Pavillon an Tempel ass ee séier erduerch an d'chinesesch Kanner an d' Erwuesse fanne virun allem Begeeschterung fir zwou Ritterrüstungen aus der Vergaangenheet a vum Veianener Schlass.

De Motto vun der Weltausstellung "Better city, better life" gëtt ganz ënnerschiddlech vun denen eenzelne Länner a Pavillon'ë behandelt.

Zwee komplett ënnerschiddlech Modeller si mer opgefall.

Den offenen Pavillon aus Neiseeland, wou Stat a Land natierlecherweis anenaner iwwerginn, an den hermetesch geschlossene Pavillon Singapour.

Déi eng, déi vun dausende Kilometer Waasser ëmréngt a geschützt sinn, sinn op eng staark bannenzeg Cohésion am Land an ënnert de Leit ugewisen. Hire Rächtum an d'Schéinheet vun der Natur musse se mat jidderengem deelen, deen de Wee dohinner fënnt, a si maachen dat mat an no hire Regeln. An och do setze se méi op Compliance wéi op Kontroll.

An der Klengheet, an der Gedrängtheit vun Singapour iwwerweit d'Kontroll vun Ufank bis un d'Enn. Wén Knätschgummi op de Buedem geheet, gëtt bestrooft. Et verléist ee sech net op de Bon sens an d'Compliance, mee et setzt ee résolut , wéi schons d'Façade vun dësem Tempel et weist, op Kontroll fir d'Secherheet.

Hei zu Lëtzebuerg hu mer eppes vu béidem. Eis offe Grenzen an der EU kënne mer mat onse Mëttel net méi kontrolléieren an iwwerwaachen. Eisen erschaffene Rächtum an eise Lëtzebuurger Modell wëlle mer awer och net opginn a probéieren e mordikus mat Bankgeheimnis, steierlechen Avantagen, héije Salären an enger perfekter Sécurité Sociale ze verdeedegen. Elo wou den Drock intern an extern esou grouss gëtt, datt mer net méi kënnen all ons Advantage gläichzäiteg an zesumme behalen, sti sociétal, kulturell a politesch wirtschaftlech Choixen un.

An nach emol bildhaft ausgedréckt geet et an nächster Zäit drëms, sech tëscht dem 700.000- an dem 250.000-Awunnerstaat ze entscheiden. Virun der Fro vum Index a virun de Froe vun all Spuer- oder Investitiionsmesure misst ee jo de Metaplang kennen, den d'Investitiionen an d'Spuermesuren géif légitiméieren a verständlech maachen an enger cohésiver Gesellschaft.

D'Idylle vun den Uerdensgemeinschaften, déi sech an alle Joerhonnerten ëmmer rëm zréck aus der grousser Gesellschaft gezunn hu fir hiert eegent autonomt an zum Deel autarkt Liewen ze féieren, véhiculéiere sech haut am Dram vun enger Economie sociale et solidaire, déi als zweeten oder drëtte Marché nieft der grousser Gesellschaft funktionéiert. Dëse Modell huet et souguer zu engem Regierungssätz an onsem Land bruecht. Och an dësem System bleiwen d'Mauern – ronderëm d'Kléischter an d'Abteien – zwar bestoen; mee si schütze manner den interne Rächtum ewéi ee bestëmmte Liewensstil a Rhythmus.

Esou e Liewensstil charakteriséiert sech duerch d'Adhésioun vun de Membere vun deer klenger Gesellschaft zu engem "Projet de vie" an engem "Projet de communauté". De Rhythmus vum Klouschter oder vun der Abtei gëtt vun engem drëtte bestëmmt, den een net mam Numm nennt, mee op den alles ausgeriicht ass an un den ee sech selwer riicht. Hien, dee Wuesstum schenkt, steet am Zentrum vum Gebiet a vun der Aarbecht. Wuesstum an Erfolleg ginn him verdankt an net der eegener Ustrengung.

Och d'Economie sociale et solidaire an hirer moderner Variant setzt op Adhésioun a gläichzäiteg op d'Solidaritéit vun der grousser Economie, déi déi kleng a reng Economie leschtlech soll mat finanzéieren an droen. Dëse Modell mecht sech d'Ambiguitéit vun onsem wirtschaftlechen a sozialen Zesummeliewen zueegen: mir si jo awer gutt an ziviliséiert Mënschen, och wa mir vun denen aneren profitéieren. A well jo awer jidderee vu jidderengem profitéiert, kënn et leschtleg just nach drop un, sech op d'Säit vun dem ze schloen, den am mannste profitéiert, fir op der richteger Säit ze stoen.

Den anere Modell, wéi Lëtzebuerg da soll sinn, ennegt rëm eng Kéier - am Bild geschwat - tëscht Singapour an Neiseeland. Wuesstum an Nischenprodukter sollen ee Core-Lëtzebuerg erhalen, dat sech weise léisst a sech mat Stolz selwer duerstellt a représentéiert an natierlech regéiert. Esou e Modell, den op d'Ressource vun der Groussregioun muss zréckgräife fir viabel – an ech soen net durabel – ze sinn, brauch eng politesch a biergerlech Cohésioun bis déif an d'Groussregioun eran, wann een net ausgedréchent oder iwwerrannt wëll ginn.

Eise Multilinguismen ass zesumme mam Lëtzebuergeschen ee vun de Facteurs clé de succès.

Bedelegung vun alle Salariéen hei zu Lëtzebuerg net nëmme just iwwert d'Chambre des Salariés, wéi dat bis ewell de Fall schon ass, mee och méi direkt un den Entscheedungen, déi si betreffen, muss een als e weidere Schlëssel fir d'Zukunft identifizéieren.

En alternativen an einfache Liewensstil géif eis séier aus dem Zielfeld vun den Neider ronderëm eraus huelen. An ech schwätzen hei vun engem neie Liewensstil ënner voluntaristeschen an net contraignante Bedingungen.

Eng excellent gratis an douce Mobilitéit kéint e Markenzeche vun engem neie Lëtzebuerg ginn. E Land, wou d'Ministere mam Vëlo op d'Aarbecht géife fueren a

mam Zuch op Bréissel, géif d'Bild vun eisem Land huerteg veränneren. An och wann hire Vëlo mat gréngem Stroum gedopt wir, géif keen hinnen dat iwwel huelen, wa se zwëschenduerch géife stoe bleiwen a mat de Leit schwätze géifen. Am Zuch op Bréissel kéinte si sech a Rou iwwerleeën, ob den aktuellen Rhythmus mat deene villen Arrêten hinnen an hirem Stil Politik ze maachen besser läit, wéi een TGV, deen déi 200 Kilometer an enger knapper Stonn gutt kéint maachen.

An dem neie Lëtzebuerg hätte mir eegemächteg d'Bankgeheimnis opginn an et kéint jidderee gesinn, datt mir ons net um Geheimnis, mee op onsem Kënne beräichert hunn.

An engem neie Lëtzebuerg géif jidderee schaffen, well fir jiddereen eng Aarbecht do wir. Munch bezuelt Aarbecht géif vu bénévolé Mataarbechter a Mataarbechterinne gemaach ginn - an deen, dee méi wéi 3x de Mindestloun géif verdéngen, géif generéis iwwert Steierofgaben a Soziallaaschten de System gäre matdroen a finanzéieren.

Et giffen Kierchen ginn, op denen hiren Diech d'Solarzellen Energie produzéieren an an deene sech Mënsche sammele fir eraus ze goen an un enger besserer Welt matzeschaffen.

Eng Welt, wou de Pluralismus och déi verschidde Forme vu mënschlechtem Liewen akzeptéiert an integréiert, wou also eng Behënnerung net zum Ausschloss oder zum Doudesuerteel duerch Avortement féiert – wir én aanert Markenzeechen vum Neie Lëtzebuerg.

Ass dat kee schéinen Dram?

Eng Zort romantesch Gesellschaft am offene Mier vun der Weltéconomie oder hannert de geschlossene Mauere vun onser Festung? Wéi a wou solle sech Chrëschten un der Diskussioun ronderëm de Modell Lëtzebuerg bedeelegen – wann en dann emol ugefangen an organiséiert gëtt. A wat kann d'kathoulesch Sozialléier haut zu der Léisung vun onse wirtschaftlechen a politesche Froen bäidroen? Wéi kann eng ALUC an hir eenzel Membere sech un dësem Zukunftsdiscours bedeelegen?

Sou wéi ech mech fir mäin éischten Deel un architektonesche Konschtwierker orientéiert hu fir Biller a Konzepter ze visualiséieren, probéieren ech a mengem zweeten Deel zwee Wierker aus der rezenter Literatur erun ze zéien.

Déi lescht Sozialzyklika ass déi éischt vum Benoît XVI. a si dréit den emblemateschen Titel "Caritas in veritate". Op der anerer Säit steet e Bestseller vum Sven Hillenkamp, den den Doud vun der Léift ënnert dem Drock vun der absolutter a giereger Fräiheet proklaméiert. (Das Ende der Liebe, Klett-Cotta Verlag).

40 Joer no "Populorum progressio" vu Paul VI. war et Benoît XVI. en Uleies, änlech wéi Pius XI. mat "Quadragesimo anno" no 40 Joer "Rerum novarum" en Zeechen ze setzen, datt d'kathoulesch Sozialléier misst op d'Froe vun haut äntwerten, andems datt se Mondialisatioun mat an d'Analyse vum Développement intégral vum Mënsch

als einzelnen an als ganze mat eran hëlt. Wat as mam Mënsch a mat der Welt an dene leschte Joeren an Joerzénge geschitt? En huet sech selwer a seng Ziler aus dem Bléck verluer. En ass zum Konsument an enger Welt ginn, déi hien esou styled an designed, datt hie mat senge Kiplings-Schung, sengem Treck-Vëlo, sengem Mercedes, Blackberry oder iPhone, Yacht oder Fliger an dës Welt passt.

E verbraucht sech a seng Welt selwer.

An am Iwwerfloss vun alle Méiglechkeete fällt en am fräie Fall vu senger Fräiheet vun deer enger an déi nächst an d'iwwernächst, ouni selwer glécklech ze ginn an zur Rou ze kommen - sou fiert de Sven Hillenkamp a sengem Roman virun.

Et schéngt, wéi wann de Mënsch seng entfesselt Fräiheet net méi selwer an de Grëff géif kréien.

Ze no sinn d'Traditounen an d'Erënnerungen, wou hie seng Fräiheet géint Autoritéiten an Institutiounen huet missen duerchsetzen. Si wor d'Grenz vu senger Fräiheet an haut gëtt de Mënsch selwer zu senger eegener Grenz an domatten och tragescherweis responsable fir all seng Erfolleger a Mësserfolleger.

Auf Gedeih und Verderb ass hien de Schmatz vu sengem eegene Gléck. Den Härgott an déi aner Menschen, grad esou wéi d'Gesellschaft, sinn an dëser doucer Révolutioun ofgeschaaft ginn, ouni datt een et gemierkt huet. Déi eenzeg Grenz, déi bleift, ass d'Zäit an d'Stierflechkeet, un der mer awer äifreg mat Medezin, Wëssenschaft an Euthanasie bastele fir mindestens den Uschäin ze gewannen. d'Zäit am Grëff ze hunn. D'Euthanasie ass de logeschen Ofschloss vun dësem Konzept vum Mënsch. Seng Fräiheet bleift déi lescht Instanz an hie léisst sech och säi Stierwen a säin Doud net méi vun der Zäit diktieren.

Der Gesellschaft, der Zäit oder soss engem ausgeliiwert ze sinn, passt net an d'Schema vum Gedanke vun der "d'Fräiheetssonn, déi mir so laang gesinn". An den eenzege politische Modell, den engejermoossen nach an dës Welt vun absolutter individueller Fräiheet, autopoiesis, an onbegrenztem Konsum passt, as d'Konzept vun der Wertegemeinschaft, wéi et am Verfassungsvertrag vu Lissabon ëmgesat gouf - no villem Gedeesems. Wéi d'Stären um Himmel stinn d'Wäerter („Die Werte, auf die sich die Union gründet, sind die Achtung der Menschenwürde, Freiheit, Demokratie, Gleichheit, Rechtsstaatlichkeit und die Wahrung der Menschenrechte einschließlich der Rechte der Personen, die Minderheiten angehören. Diese Werte sind allen Mitgliedstaaten in einer Gesellschaft gemeinsam, die sich durch Pluralismus, Nichtdiskriminierung, Toleranz, Gerechtigkeit, Solidarität und die Gleichheit von Frauen und Männern auszeichnet.“ Quelle: Artikel 1a EUV-Lissabon) héich um Firmament, an et ass d'Aufgab vum Politiker, den Himmel wolléckefräi ze halen, soudatt den eenzele Bierger, déi eenzel Biergerin sech an dëser Wertegemeinschaft fräi ka bewegen. De Schutz vum Wäert gëlt der individueller Fräiheet an net ëmgedréint. Datt d'Rechtsstaatlechkeet, Solidaritéit, Gleichheet an individuell Fräiheet souzesoen konditionnéiert, ass laut der Analys vum Sven Hillenkamp net méi méiglech. D'Léift, dat heescht d'Bindung, ass ofgestuerwen. Si konnt dem Drock vun der Fräiheet net standhalen.

An déser nach méi radikaler Analys begéint dem Pöpst seng Intuitioun vu "Caritas in veritate" dem Hillebrand senger Iwwerleeung vun der rationaler Zweckehe. D'Wouregt, déi vum Verstand a mat der Vernunft erkannt gëtt, gehéiert mat dem Glawen zesummen an déi selwegt Rei. De Wee hat de Benoît XVI. schons als Joseph Kardinal Ratzinger mat "Ratio et fides" a "Splendor veritatis" zesummen mam Jean-Paul II. virgezeechent.

An der géigesäiteger Rengegung komme Glawen a Vernunft der Woueregt vum Mënsch an der Offenheet op Gott méi no.

An a senger inauguraler Enzyklika setzt hén résolutt op Gott, den d'Caritas ass a vun dem des Caritas als Léift onendlech a bestännech ausgeet.

Als Chrëschte gleewe mir net un den Doud vu Gott esou wéi de Friedrich Nietzsche e verkënnegt huet. Gott ka sech och selwer net operstoe loossen, wéi en dat fir säi Fils gemaach huet. Wann e lieft, da lieft en a senger Léift, déi am klengen an als Fonken net ënner ze kréien ass. D'Léift als Caritas, also am Sënn vun der Nächsteléift am Géigesatz zu der erotescher Léiwt an der Frëndesléift, ass de Fuedem, un dem d'Zukunft vun de Mënschen a vun der Welt hänkt.

An der Zwëschenzäit sin d'Excesser vun der absolutter Fräiheet zur Genüge bekannt an d'Angscht virun der Fräiheet ass genau sou grouss gi wéi d'Angscht virun der Onfräiheet. De Wee fir rational politesch Léisungen as fräigeschöppt an d'Dreem vun der Léift däerfe mat gudden Argumenter vertraueden an ënnerstëtzt ginn.

Hei gesinn ech d'Aufgab vun de Chrëschten an onser Zäit. An ech kéint och soen, hei gesinn ech d'Aufgab vun alle spirituelle Mënschen an onser Zäit.

Et geet drëms, sech nees anzeklénken als Individuum, als Gesellschaft anzwär a méi e grouse Projet, an de Projet vun enger besserer Welt oder a chrëschtlescher Terminologie: an de Projet vu Sengem Räich. Mir hunn et hei net mat enger sentimentaler oder purer reliéiser Aufgab ze dinn, mee mat enger rationaler, laanscht déi kee Wee ouni Katastroph wäert féieren –wéi den Sven Hillekamp iwerdeitlech mecht (an nit den Pöpst).

Zesumme Mënsche vum einfache Liewen iwwerzeege fir datt se gutt kënnen liewen, ass d'Gebot vun der Stonn.

Net dat, wat mer kënnen kréien, mecht ons méi staark, mee dat, op dat mer wëllentleg a bewusst verziichten.

Wann dësse Message sociétal, kulturell a politesch bei den Egypter, de Réimer oder den Azteken a Maya duerchkomm wir, géife si haut nach vläicht existéieren.

Äis Fräiheet an der Léift ze banne wäert just da geléngen, wann d'Léift - un déi mir als Chrësten gleewen – an déi niemols fir onsen Glawen wäert ausstierwen - staark genuch. Et geet hei öm d'Léiwt zu all Mensch an der Gesellschaft als Gemeinschaft.

D'Mënsche gewanne fir eppes, wat si gären hunn, heescht haut d'Mënschen ze gewanne fir eppes, wat si solle gären hunn. An esouén moralesch-etheschen an gemeinsamen Zukunftsprojet kann nëmmen zesummen opgebaut ginn.

Dat as déi prioritär a primär Aufgab vun der Politik vun haut.

Vun esou engem Projet hir loosse sech dann och Verzichter a Gewënner verstoen a begrënnen. Looss mer also de Courage hunn, zesumme mat offenen Aen an opmierksame Bléck politesch ze dreeme fir datt onst Land an Europa an an der Welt Bestand hält als e positive Modell vun Zesumme-liewen an Zesumme-wirtschaften.

Loosse mer obmierksam a konkret – politesch sin als Aluc déi Haut hier 100 Joer feiert, als Chrëschten an als Bierger.

Merci fir äert Nolauschteren

Erny Gillen